Harmonie Éilereng association sans but lucratif

fondée en 1985 affiliée à l'Union Grand-Duc Adolphe

Coordonnées bancaires: BCEE LU76 0019 5100 0159 0000 CCPL LU48 1111 1333 8813 0000

Secrétariat:

Jung Marc
46-48, route de Belvaux
L-4510 Oberkorn

☎ 691 504 456
info@harmonie-eilereng.com

Éilereng, den 28. Mee 2019

D'Harmonie Éilereng

D'Harmonie Éilereng gouf 1985 gegrënnt an ass domat déi jéngste vun de véier Museken aus der Gemeng Suessem. D'Leedung vum Veräin bestécht duerch seng ausseruerdentlech Kontinuitéit: sou hat d'Éilerenger Musek an hirer 34-jähreger Geschicht bis ewell just zwee Dirigenten an zwee Veräinspresidenten un hirer Spëtzt.

Den Haaptorchester besteet aus 50 Musikantinnen a Musikanten a steet seit 2015 ënnert der Direktioun vum Claude Weiland. Der Harmonie Éilereng hir Galaconcerten zeechne sech besonneg duerch hir Originalitéit aus. Vu Klassik iwwert Latin Jazz a Symphonic Rock weess d'Éilerenger Musek hire Publikum ëmmer nees mat engem neie frësche Programm ze begeeschteren.

Déi musikalesch Qualitéit vum Orchester gouf 2008 mat engem 1er Prix an der Kategorie D um "Concours ÉOLIA" zu Stroossbuerg ausgezeechent.

An der "Éilerenger Harmoniechen", der Jugendmusek vum Veräin, sammelen déi ganz Jonk hir éischt Erfahrung an engem Ensembel. Hei preparéieren si sech drop, spéiderhin am Haaptorchester matzespillen. Eng intern Jugendkommissioun bekëmmert sech speziell em de Recrutement an den Encadrement vun de jonke Museksbegeeschterten.

Vu Loutraki a Griichenland, dem Fong vum Ärmelkanal bis op Raasepori a Finnland huet d' "Éilerenger Strëpp" mat hirer eenzegarteger Ënnerhalungsmusek scho fir Stëmmung gesuergt.

Den Highlight vun der Saison 2019/2020 wäert ouni Zweifel der Harmonie Éilereng hire "Neijorsconcert", de 4. Januar 2020 am ARTIKUSS zu Zolwer sinn.